N°211
Entrée le 22.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 22.01.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/01/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Police soll an Zukunft mat Bodycams equipéiert ginn. Wéi am Gesetz vum 29te Juli 2023 festgeschriwwe gouf, léist d'Bodycam beim Aschalten een haarden a schrillen Toun aus, fir d'Persounen an der Ëmgéigend doriwwer z'informéieren, dass d'Kamera ugeschalt gouf (*"Le déclenchement de l'enregistrement fait l'objet d'un signal sonore."*). Dëse Mechanismus huet fir Kritik an de Reie vun der Police gesuergt, well en a verschiddene Situatioune d'Polizist(inn)en oder den Erfolleg vun engem Asaz kéint a Gefor bréngen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert de Minister dëse Punkt vum aktuelle Gesetz evaluéiere loossen, fir ze ermëttelen, awéifern d'Tounsignal vun der Bodycam d'Policeaarbecht beaflosst a Beamt(innen)en an hier Aarbecht a Gefor bréngt?
2. Ginn et Pläng dat aktuellt Gesetz esou ze änneren, dass d'Uschalte vun der Kamera keen Toun méi ausléise muss?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

N°211
Entrée le 22.02.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 211 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen zum Sujet „Signal sonore déclenché lors de l'enregistrement par les "bodycams" »**

**Fro 1**

Wéi am Exposé des motifs vum Gesetzprojet zu de Bodycams virgesinn, wäert eng Etude gemaach ginn iwwert de prakteschen, techneschen a juristesche Kader vun de Bodycams, wann dës Kameraen 2 Joer am Asaz waren.

Zu dësem Zäitpunkt ka keng genee Indikatioun iwwer technesch Komponenten, wéi zum Beispill den Toun, gemaach ginn. Eng Ausschreiwung am Dossier Bodycam wäert am Abrëll gemaach ginn.

D'akustescht Signal déngt an éischter Linn dem Beamten, fir dass dësen d'Informatioun kritt, dass d'Kamera ophëlt. Fir d'Persoun, déi gefilmt gëtt, ass d'akustescht Signal en zousätzlecht Element, niewent der mëndlecher Informatioun, dass opgeholl gëtt.

De gesetzleche Kader gëtt keng Präzisioun iwwer d'Lautstäerkt, d'Tonalitéit respektiv d'Frequenz vun deem Signal.

De Gesetzgeber gesäit vir, dass de Polizist de Moment wiele kann, wéini hien d'Kamera en fonction vun den Ëmstänn aktivéiert ("*la Police peut procéder à un enregistrement audiovisuel, lorsque se produit ou est susceptible de se produire un incident, eu égard aux circonstances de l'intervention ou au comportement des personnes concernées*").

Zum Beispill: Am Fall vun engem gemellten Abroch an engem Haus kéinten d'Beamten hir Kamera aktivéieren éiert si aus dem Auto klammen, laut dem legale Kader.

**Fro 2**

Et ass net virgesinn, dat aktuellt Gesetz ofzeänneren soulaang d'Bodycams net am Asaz sinn an ee Bilan no 2 Joer gezu ginn ass.

Lëtzebuerg, den 22. Februar 2024
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden